adr
ALTERNATIV DEMOKRATESCH REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Question élargie n° 52

REÇU
Par Alff Christian , 17:09, 13/10/2020

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Tratten, den 13. Oktober 2020

Här President,

esou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës **erweidert parlamentaresch Fro (Artikel 82)** un d'Madamm Gesondheetsministesch däerfen ze stellen.

Aus der Äntwert op meng parlamentaresch Fro N°2030 vum 6. Abrëll geet ervir, datt et säit 2004 e nationale Pandemieplang gëtt, deen zousätzlech completéiert gëtt vum «Plan grippe aviaire» vun 2006 a vum «Plan Ebola» vun 2014. Am Hibléck op d'COVID-19-Kris, aus deenen Erfarungen, déi mir gemaach hunn an aus deene Léiere, déi mir gezunn hunn an och an Zukunft nach wäerte mussen zéien, wéilt ech der Madamm Minister dës Froe stellen:

1. Wär et am Hibléck op d'COVID-19-Pandemie an op déi uewe genannten Erkenntnisser net sënnvoll, e neien, globale Pandemieplang op d'Been ze stellen, deen deenen nei gewonnenen Erkenntnisser aus der COVID-Kris integral Rechnung dréit? Wa jo, a wéi engem zäitleche Kader ka mat der Opstellung an der Ëmsetzung vun dësem Plang gerechent ginn?
2. Wéi gestalt sech an Zukunft d'Zesummespill vum Pandemieplang an dem allgemenge Katastropheplang? Si béid Pläng matenee koordinéiert? Wéi eng Administratiounen iwwerhuele wéi eng Aufgaben am Katastrophen- oder Pandemieplang a wéi ginn déi betraffen Administratiounen op déi Aufgabe virbereet? Ass sécher gestallt, datt zu all Abléck déi betraffen Administratiounen optimal opgestallt si fir am Katastrophen-/oder Pandemieplang kënnen hir Aufgabe séier an effikass ze erfëllen? Wat muss am Vergläich mat der pre-COVID-Situatioun verbessert ginn, fir besser fir en Noutfall virbereet ze sinn?
3. Ass et an den Ae vun der Madamm Minister net och sënnvoll am Hibléck op d'Geréiere vu Krisesituatiounen d'Virgoensweis, wat déi international Koordinatioun an den Informatiounsaustausch mat anere Länner ugeet, op e Neits op de Leescht ze huelen? Wéi gëtt déi international Kooperatioun am Katastrophen- oder Pandemiefall an Zukunft organiséiert?

Mat déiwem Respekt,

Jeff Engelen
Deputéierten

CHAMBRE DES DÉPUTÉS
GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG

Dossier suivi par Christian Alff
Service des séances plénières et secrétariat général
Tél : 466.966.223
Fax : 466.966.210
e-mail : calff@chd.lu

Monsieur Marc Hansen
Ministre aux Relations avec le Parlement
Luxembourg

Luxembourg, le 14 octobre 2020

Objet : Question élargie n° 52 du 13.10.2020 de Monsieur le Député Jeff Engelen - Élaboration d'un nouveau plan de crise en cas de pandémie

Monsieur le Ministre,

Conformément à l'article 85 du Règlement de la Chambre, j'ai l'honneur de vous communiquer ci-joint une question élargie adressée à Madame la Ministre de la Santé.

Veuillez agréer, Monsieur le Ministre, l'expression de mes sentiments les plus distingués.

Fernand Etgen
Président de la Chambre des Députés